Am Hellege Geescht

Esou hu mir „Waassergaasser-Kanner" déi Streesselchen genannt, déi vun der Kasären erop, laanscht de „Conservatoire", bis bei „d'Châmber", op de „Krautmaart" gaangen as. Huet se a fréiren Zeiten nët „Dräifaltegkeetsgaass" geheescht? Haut as et „rue du St. Esprit". Mä fir de Kartchen mat der Kasären selwer, an déi Heiser ronderëm, gouf duerfir „am Hellege Geescht" gesot.

Wann een hannert der eigentlecher Kasären, op där vun den Turisten oft als „Terrasse de l'Europe" zitéierter „Corniche", mat séngem Spadséiergank ufänkt, dann as een no beim „Dräieck". Déi Stater nennen déi Promenad och „de Rempart". Op deem „Dräieck" hu Generatiounen vu Lëtzeburger Zaldoten, kuerz ir et fir „d'Abendverlesen" (appel du soir) geblosen huet, hiirt Meedchen nach eng Kéier gedréckt, an sech da getommelt fir iwwer „d'Kasärebréck" an hir Heip ze kommen. Schued, wéi et virun e puer Jor fir de mächtege Käschtebam, oder wor et eng Lann, deen/déi hei stoung, gaangen as.

Mat Botanik hat och dat heemelecht „Ausklammen" vun onsen Zaldoten, owes no 10 Auer ze din, wann de „Wëlle Wäin" (Zierrebe), a nët, wéi oft ugeholl, d'Wantergréng, huet missen hirhalen, fir sech derlaanscht erofzeloossen oder erëm eropzeklammen.

Fir d'Stieds gouf et ëmmer „de Kasärenhaff". D'Zaldoten an d'Leit, déi eppes mam Lëtzeburger Militär ze din haten, hun awer och "de Feldwebelsblock", an deem eenzel Gendaarmen-, Militärmuséker- an Ënneroffizéiësch-Familjen dragewunnt hun, kannt, grad wéi "d'Karmagaséng", mam „Fescht- an Turnsall" um éischte Stack. Béid Gebeier sin ofgerappt, a stungen, dat éischt, géintiwwer vum „Gendarmerieblock", wat haut nach besteet, an an deem den „Enregistrement" ënnerbruecht as. Sénger Zeit woren doran „de Kommandobüro", d'Gendarmerie-Brigad Lëtzebuerg", „d'Sûreté", am Volléksmond „déi Geheim" genannt, a verschidden Déngschtwunnéngen vu Gendaarmenfamiljen. D'Kar- oder Proviantmagaséng huet déi als U-Form gehale Bauwierker gewëssermoossen vum eigentleche Kasäreberäich ofgeschloss, an hat séng Plaz, wou een haut dee neien Geschäfts-Building gesäit. Déif a sénge Kasematte-Kelleren, wou d'Gromperen gelagert goufen, hun d'Zaldoten se, a Säck, ënner vill Schweess a Gekeims, an „d'Mannschaftskichen" eropgeschleeft.

Am „ënneschten Haff", hautdesdaags e Parking, waren d'Garagen vun der Gendarmerie, an de Regierungsmêmbren hir Autoen, „d'Reitbunn", an an engem separate Gebei, dat och nët méi existéiert, „d'Offizéiësch-Bibliothéik", „d'Schoulklassen" an „d'Revéier" fir déi krank Zaldoten.

Geet een zu Fouss op den „ënneschte Wall" zou, dann as een rechts op de „Päerdsstall" gestouss, wou d'Biddiën vun de „Berittenen" Gendaarmen an Zaldoten, mat esou schéine Nimm wéi „Ramona", „Wotan", „Arlette", asw. ënnerstoungen. Huet een sech allerdéngs lénks gehalen, do hat den „Ënnerstand (Unteradjutant)" Pauly, vu séngen Zaldoten mat allem Respekt „Mutten" genannt, an e puer Gendaarmen, hire Gaart.

Setzt een säi Wee fort, an 't hëlt een den heitegen „Circuit auto-pédestre" fir an d'Péitrus, kënnt eng Plaz, wou nom leschte Krich

verschidden Krichsverbriecher a Verréider higeriicht goufen.

Eng Kontrovers as virun enger Zäit entstanen, wéi de „Kanounenhiwwel" säi Numm krut. Mir als Bouwen sin hei mat eise Schoulkomeroden aus der Kasären mam Schlitt „d'Zaldoteknupp" erofgefuer. Direkt dernieft konnt een op den „Offizéiëschwall" kucken, deen nuren den Offizéier vu Gendarmerie a Fräiwëllege-Kompagnie zougänglech wor.

Wou haut dee schonn ernimmten neie Geschäftskomplex steet, deen zou enger Säit begrenzt as duerch de fréiren „Kasärenhaff", an zum aneren Deel duerch „d'aalt Schoulgebei" an der jetzeger Direktioun vun der Steierverwaltung, dem deemolegen „Zollbüro II", do war an der gudder aler Zäit „de Kaperolsgäertchen". Gären errënneren ech mech drun, wéi a ménger Kannerzäit do eng „Kermesse flamande" ofgehale gouf. Ech gesi nach, wéi



Le complexe des casernes du Saint-Esprit. A l'avant-plan la „Kornkammer".

„d'Lâmpionën" a faarweg Luuchten owes duerch hir Beliichtung deem Ganzen e friemlänneschen Cachet gin hun.

Ëm dee „Square" huet um jetzegen Boulevard Roosevelt den Notär Reiffers gewunnt, haut Residenz vum engleschen Ambassadeur. Derniewent kumm d'Geschäft Accinauto. Dann haten do och hiren Domissil d'Spéditiounsfirma Calmes-Reuss an d'Souvenirsgeschäft Kremer-Kieffer; weider kann ech mech enger Familjen Spierig entsënnen, déi um „Boulevard" gewunnt hun. Opgehalen hun d'Heiser, lénks Richtung „Gëlle Fraa", mat dem Gebei „Terres Rouges", dem spéideren „Ministère des Transports", wou Schons an duerno Reiter, eng Wunnéng haten. Am groussen Haus géintiwwer, ech mengen et huet „Schmitzenhaus" geheescht, wou ënnenan den „Zollbüro II" wor, hun eenzel Leit geliewt, ë.a. Klopps.

No ongefeier 50 Meter zur Kasären zou, hu mer de Café Félix Antz begéint. Séng Keelebunn, déi eenzeg an der Alstad, wor bekannt an duerfir gutt besicht. Et wor dat nach e Café vum ale Schlag: ouni Kaméidi a Radau. Hei hun sech d'Familjemêmbren aus der Kasären an d'Zaldote getraff. Beim Weidergoen stousse mer op d'Praxis vum stadbekannten Dr. Knebgen an der Etüd vum deem nët manner popülären Affekot J.P. Probst.

As een dorophin an den „Hellege Geescht" eragebéit, wor rechts an der Strooss de Café J.P. Beffort, mat der wonnerschéiner Vue op „d'Faubouren". Och hei wor en Treffponkt vu bekannte Gesiichter aus dem Kasäreliewen. Z.B. huet sech bis an säin héihen Alter regelméisseg de Kapellmeeschter, de Père Pol Albrecht, zu enger Parti Kaart do afond. E Gaascht, deen nach gären an deem Haus gesi gouf, war de Feldwebel Mett Reding, vu séngen Subordonneën mat allerhand häerzleche Nimm, wéi: de Feldmett, de Feldjabel, de Feldwebelsmett, asw. beduecht. Dat goung virun, esouguer, wéi hien scho laang méi en héihen Grad bei engem Avancement kritt hat. Näischt huet verhënnert, datt trotz der onentweegter Präsenz vun hirem Virgesetzten an deem Bistro, d'Zaldoten do verkéiert sin.

Niewendrun woren d'Büroën vun der Douanes-Direktioun; d'Familjen Meyers hat do eng Déngschtwunnéng.

Vis-à-vis, an der Epicerie Medernach, konnt een déi bescht „Schokelasglace" kafen; mee et goung näischt iwwer de Jofferen Schintgen, déi e puer Haus weider gewunnt hin, hir „Vanillsglace".

Kuerz virum leschte Krich haten Medernachs hir Epicerie opgin, an déi Wiirtschaft niewendrun iwwerholl. An deem Lokal huet sech, nodeem datt de Besatzer-Gauleiter séng streng Muecht heiheem ugetratt hat, eng patriotësch Manifestatioun ofgespillt, déi de Bedeelegten eng mat den éischte Sitzungen virum „Sondergericht" an de Wiirtsleit Prisong an Zuchthaus abruecht huet.

D'Epicerie huet duerno „d'Martha", wéi d'Joffer Probst respektvoll a „frëndlech" vun den Zaldoten genannt gouf, déi bei hir gutt Clientën woren, weidergeféiert. Op derselwechter Säit hat de Fotograf Lauth säi Geschäft.

A ménger Jugenderënnerung sin ausserdeem Patrass bliwen. Wann ech mech nët iren, wor et hire Senior, deen an den 30er periodësch Lëtzebuerger Zeitungen an de Stroosse verkaaft huet, an dobäi déi Sensatiounsmeldungen, déi an deër Nummer drastoungen, haart ausgeruf huet. Domat huet hien e bësschen e frieme Charakter an onst Stadliewen bruecht, et opgelockert a méi lëfteg gemaach. Merci Pir!

Wa vum Geschäftswiesen an der Alstad Rieds geet, duerf een Hülsemanns a Roemer-Welkenbachs nët vergiessen. Duerch hir Präsenz hun si derfir gesuergt, datt méi Liewen an d'Noperschaft koum.

Dat lescht Haus lénks, dat een nach misst ernimmen, as dat, wou den Här Clement dra gewunnt huet, dee munechmol eng Uniform vun den „Ponts et Chaussées" gedroen huet, wahrscheinlech eng Cantonnier's. Hie wor e ferventen Unhänger vum Gesangveräin „Sang a Klang" aus dem Pafendall.

Déi aner Säit, wou haut d'Büroën vum Staatsarchitekt sin, wor fréier d'Léierins-Normalschoul, vun den Historiker „Weltzer" an „Ourener"-Haus genannt. An de leschte Joeren as dat monumentaalt Gebei derniewt vun deene selwechten Servicer ageholl gin. 1913 hat de groussherzoglechen Haff et ugeschaaft, an „d'Maréchalat de la Cour" dran installéiert. Hei huet den deemolegen „Hoffouréier", den Här Rollinger, laang gelieft.

Ofschléisse wëlle mer mat deem fréiren städteschen Muséks-Conservatoire – dem Refugium vun Orval – dee 1934 vun der Familjen Dom. Pescatore an d'Hänn vun der Stad Lëtzebuerg iwwergaang as. Ëm déi Zäit war e belschen Direkter do, den Här Lambotte. Hien hat e Jong, de Claude, dee brav mat sénge Komeroden aus dem Breedewee, der Schickrisgaass, der Waassergaass, dem hellege Geescht, an „d'aalt Schoulgebei" an der Kongregatiounsgaass getrëppelt as. An déi „om ale Kiirfech" (haut Dresdner Bank), „op der Châmberstrap" an an der „Hossegässel" nach fräi an onbekëmmert spille konnten.

René Weyrich